

Lëtzebuerg, den 28. Januar 2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bidden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte weiderzeleeden:

« De Koalitiounsaccord gesäit d'Elaboratioun vun enger « stratégie nationale de stationnement et parking-relais (P&R) » vir.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte folgend Froe stellen :

- Wéi wäit ass d'Ausschaffe vun dëser Strategie ?*
- Wéini gëtt dës Strategie virgestallt ?*
- Kann den Här Minister scho Prezisiounen zu de Kärpunkte vun dëser Strategie ginn ?*
- Wat d'P&R betrëfft, wéi vill Projete sinn an de leschten zwee Joer ofgeschloss ginn ? Wéi vill nei Parkplaze sinn tëscht 2018 an 2020 geschaaft ginn ?*
- Bei wéi ville Projete sinn d'Aarbechten aktuell am gaangen ? Wat ass d'Unzuel vun de Parkplazen ? Wäert den initialen Zäitplang fir d'Ofschlësse vun den Aarbechte kënnen agehale ginn oder kënn et zu Verspéidunge wéinst der Pandemie ?*
- Wéi eng nei Projeten, mat wéi vill neie Parkplazen, si geplangt fir an den nächste Jore realiséiert ze ginn ?*
- Ass virgesinn, déi nei P&R sou ze konzipéieren, dass de Chauffeur iwwer eng App (z.B. d'Mobilitéits-App) ka gesinn, wéi vill Parkplazen nach fräi sinn ? »*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Mat déiwem Respekt,

Max HAHN
Deputéierten